## Wee si mir?

Mir sinn e **Grupp vu betraffenen Elteren déi e Kand verluer hunn**. Mir treffen eis regelméisseg fir mateneen ze schwätzen an Erfarungen ënnereneen auszetauschen. De Grupp ass reliéis a politesch neutral.

Elteren deenen hiert Kand virun enger gewësser Zäit gestuerwen ass preparéieren a leeden d'Versammlung.

## Fir wien si mir do?

De Grupp ass op fir all Mammen a Pappen déi e Kand verluer hunn, egal wéi al d'Kand war an egal wat d'Doudesursaach war.

Et kënnt een esou laang wéi ee wëllt oder wéi een et fir néideg fënnt.

Et kann een eleng oder als Koppel kommen.



## Wat sinn eis Ziler?

D'Ziler sinn:


- den Elteren nolauschteren an hinnen d'Méiglechkeet ginn fräi mat aneren Elteren iwwert hiert Kand ze schwätzen
- den Elteren d'Gefill ginn datt si net eleng an hirer Trauer sinn
- den Elteren hëllefe mat hirer Situatioun eens ze ginn, an nees no an no Freed um Liewen ze kréien.

## Ausserdeem besteet d'Méiglechkeet

- fir Eenzelgespréicher
- fir ausgewielten, däitsch a franséisch Bicher zum Thema Doud an Trauer ze léinen (fir Erwuessener a fir Kanner)
- fir am Laf vum Joer un där enger oder aner Aktivitéit ënner Frënn deelzehuelen
- fir sech ausserhalb vun de Versammlungen ze begéinen oder ze telefonéieren.







*Lange saßen sie dort*
*und hatten es schwer,*
*doch sie hatten es*
*gemeinsam schwer,*
*und das war ein Trost.*
*Leicht war es trotzdem*
*nicht.*

**Astrid Lindgren**

## Wéini a wou treffe mir eis?

D'Weesen-Elteren treffe sech all leschte Mëttwoch am Mount um 20.00 Auer

am Siège vun der Croix-Rouge
44, bd. Joseph II
L-1840 Luxembourg
(Parking am Haff)

Mir proposéieren e perséinleche Rendez-vous virun der éischter Participatioun am Grupp.

## Wou kann een eis erreechen?

Fir Renseignementer oder e Gespréich kënnt dir eis erreechen iwwert eise
GSM +352 691 901 321

iwwert E-mail:
weesen.elteren@croix-rouge.lu

oder eis op folgend Adress schreiwen:

Weesen-Elteren
Croix-Rouge Luxembourgeoise
44, bd. Joseph II
L-1840 Luxembourg

Dir fannt eis och um Internet ënnert:
**www.croix-rouge.lu**


WEESEN ELTEREN


# Groupe d'échange et d'entraide pour parents ayant perdu un enfant



croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen

CR0002_depliant-WEESEN-ELTEREN-02-14-FR-DE2.indd 1 03/03/2014 20:46



## Qui sommes-nous ?

Nous sommes un **groupe d'échange et d'entraide pour parents ayant perdu un enfant**. Le partage du vécu et les expériences des autres peuvent aider à soulager la peine des parents.

## A qui nous adressons-nous ?

Le groupe est ouvert à tous les parents indépendamment de l'âge de l'enfant décédé et de la cause du décès.

Les parents peuvent venir aussi longtemps qu'ils en éprouvent le besoin, soit seuls, soit en couple.

Les réunions mensuelles sont préparées et menées par des parents ayant perdu eux aussi un enfant.

## Quels sont nos buts ?

Les buts visés sont :

- écouter les parents et leur donner l'occasion de parler librement de leur enfant
- montrer aux parents qu'ils ne sont pas seuls dans leur deuil
- aider les parents à accepter leur situation et à retrouver peu à peu goût à la vie.

## En outre nous offrons la possibilité

- d'avoir un entretien personnel en cas de besoin
- d'emprunter des livres sur la mort et le deuil (pour adultes et pour enfants)
- de participer de temps à autre à une activité entre amis
- de se rencontrer ou de téléphoner en dehors des réunions mensuelles.

*Etre fidèle à ceux qui sont morts,*
*c'est les faire vivre en nous,*
*c'est transmettre leur visage,*
*leur voix, leur message aux autres.*
*Ainsi, la vie des disparus*
*germe sans fin.*

**Martin Gray**



## Lieu de rencontre

Nos réunions ont lieu tous les derniers mercredis du mois à 20.00 heures

dans les locaux du
Siège de la Croix-Rouge
44, bd. Joseph II
L-1840 Luxembourg
(parking disponible dans la cour)

Nous proposons un rendez-vous personnel avant la première participation au groupe.

## Où s'informer ?

Pour toute information ou une entrevue personnelle vous pouvez nous contacter :
au +352 691 901 321

par email : weesen.elteren@croix-rouge.lu


ou nous écrire à l'adresse suivante :

Weesen-Elteren
Siège de la Croix-Rouge
44, bd. Joseph II
L-1840 Luxembourg

Vous pouvez nous trouver sur le site Internet **www.croix-rouge.lu**

WEESEN
ELTEREN

# Selbsthëllefsgrupp fir Elteren déi e Kand verluer hunn



croix-rouge
luxembourgeoise
Mënschen hëllefen